LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

Luxembourg, le 29 mai 2013
Réf. N° QP-09/13

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation
L - 2450 Luxembourg

Objet : Question parlementaire n°2613 du 12 mars 2013 de l'Honorable Député Fernand Kartheiser

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire tenir en annexe notre réponse commune à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Je vous prie, Monsieur le Ministre, de croire en l'expression de mes sentiments très distingués.

Octavie MODERT
Ministre de la Justice

13, rue Erasme
L-1468 Luxembourg-Kirchberg
Tél.: (+352) 247-84537
Fax: (+352) 26 68 48 61
Adresse postale
L-2934 Luxembourg
e-mail: info@mj.public.lu

130-000144 20-11018-FR

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

Gemeinsam Äntwert vun der Madame Octavie MODERT, Justizministesch, an dem Här Marc SPAUTZ, Familljeminister, op déi parlamentaresch Fro N°2613 vum Här Deputéierte Fernand KARTHEISER

D'Zuelen déi mir vun deenen zoustännegen Plazen kruuten weisen dass d'anonym Gebuerten an deenen leschten Joeren konstant op déiwem Niveau bliwwen sinn. Esou goufen 2008/2009 dräi, 2009/2010 zwou, 2010/2011 véier an 2011/2012 dräi dëser Gebuerten enregistréiert.

Dat aktuellt Gesetz gesäit vir, datt eng Fra weder obligéiert ass hir eegen Identitéit unzeginn, nach déi vum Papp vum Kand. Esou gehéiert Lëtzebuerg aktuell zu deene Länner an Europa, déi de facto den Accouchement anonyme an d'Virenthalung vun der Identitéit vun de biologeschen Elteren hunn. Während d'Praxis vum Accouchement anonyme conforme zu der Kannerrechtskonventioun vun 1989 an der Rechtsspriechung vum Europäesche Geriichtshaff fir Mënscherechter ass, an och vun der nationaler Ethikkommissioun guttgeheescht ass, fuerderen dës Instanzen, datt all Kand d'Recht muss kréien, seng biologesch Elteren ze kennen. Dat war och den Haaptuleies vun enger gemeinsamer Recommandatioun vum Ombudsman a vum Ombudscomité fir d'Rechter vum Kand vun 2007.

Dofir gëtt am neie Gesetzprojet iwwert d'Reform vun der Filiatioun virgeschloen, d'Recht op anonym Gebuert ze formaliséieren : Esou ass virgesinn, datt dat Zivilt Gesetzbuch ausdrécklech den Accouchement anonyme erlabt, a mat der Hëllef vum Procureur d'Etat kritt de Papp d'Méiglechkeet, säi Kand ze fannen an unzëerkennen. Wat d'Recht vun all Kand ugeet, seng biologesch Elteren ze kennen, esou schaffen de Familljen- an de Justizministère u konkrete Léisungen. D'Zil ass, datt eng Mamm, déi hiert Kand anonym op d'Welt bréngt, Informatiounen an och Saachen hannerloosse kann, zu deenen d'Kand spéiderhin e kontrolléierten Zougang huet.

13, rue Erasme
L-1468 Luxembourg-Kirchberg
Tél.: (+352) 247-84537
Fax: (+352) 26 68 48 61
Adresse postale
L-2934 Luxembourg
e-mail: info@mj.public.lu